piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur, Justiz & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Am Beräich vum Kanner- a Jugendschutz schaffe vill staatlech an net-staatlech Organisatioune ronderëm d'Auer, 24Stonnen op 7, fir Projeten an Hëllefsmoossnamen ëmzesetzen. D'Hëllef kënnt virun allem deene Kanner zegutt, déi net d'Chance hunn, an engem "normalen" sozialen Ëmfeld opzewuessen. Grad, wa Gewalt oder Vernoléissegung am Ëmfeld ass, mussen d'Kanner schnell gehollef kréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi huet sech d'Unzuel u Signalementer am Kader vum Kanner- a Jugendschutz an de leschte fënnef Joer entwéckelt?
2. Bei wéi engen Institutioune goufen d'Signalementer gemaach, a wéi verdeelen sech d'Zuelen hei (wéi vill Signalementer goufen a Spideeler gemaach, wéi vill bei der Police, wéi vill beim Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend, wéi vill beim SCAS, etc.)?
3. Wéi vill Kanner goufen no dëse Signalementer placéiert?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

GOERGEN Marc

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés